

Tacheles: Wéi soll een dat bezuelen?



vun Chaos Computer Club Lëtzebuerg den 02/09/2017



Wat waren dat nach Zäiten, wou een mat sengen Suen am Portmonnie an de Buttek gaangen ass an dann huet een mat Mënz oder Pabeiersgeld seng Wuere bezuelt. Haut ze Daags geet dat och nach. Obwuel et awer och onpraktesch ass. Et muss een èmmer genuch Schäiner dobäi hunn a vun deenen villen Mënz déi den Portmonnie mat all Cent mei schwéier an onhandlech maachen mol guer net ze schwätzen.

Fir deem aus de Féiss ze goen kann een jo mam Plastik bezuelen. Neierdéngs souguer Contactless. Dat erméiglecht een NFC Chip an der Kaart. Deen hält een einfach bei den Kaartelieser an Zack, gëtt bezuelt. Einfach a séier.

Geet et méi einfach?

Jo, well duerch Dicicash (oder payconig – d'StartUp gouf jo Opkaf) kann een einfach een QRCode scannen oder och mat NFC Technologie bezuelen. An dat mat sengem Handy. Dat ass nach méi praktesch, well den Handy hu mer jo souwisou well dauernd am Grapp an bezuelen geet zimlech séier. Eriwver sinn Zäiten an deenen een huet missen a sengem iwwerfellten Portmonnie no de richtegen Schäiner sichen oder verzweiwelt no deem blöden 20 Cent Stéck sichen dat sech iergendswéi am Ménzfach verstoppt huet.

Leider huet all dat opgezielten een Hoken. Et muss een zwangsleefeg bei enger Bank Client sinn. Wéll een dat? Deemools krut een bei de Banken alt mol nach gutt Konditiounen bei engem Spuerkonte. Haut muss een scho bal kräischen... An den Trend geet méttlerweil och éischter an déi Richtung, datt een Bank nach extra bezilt fir Suen um Spuerkontakte ze hunn. Den Fakt, datt een och een festen Wunnsétz muss hunn fir iwwerhaapt een Konto kennen opzemaachen ass och net fir jiddereen ze erfällen. Soite, d'Bank diktéiert engem schonn sou munches fir.

Mä et ginn och Méiglechkeeten fir de Banken aus de Féiss ze goen. An zwar mat de sougenannten Cryptocurrencies, also mat Kryptowährung. Suen déi ee kritt wann een eppes dofir mécht. An dësem Fall heescht dat "mining". (Mining – An de Grouwen schaffen). Einfach ausgedréckt, et stellt een Rechenleeschung zu Verfügung an et kritt een dann Suen a Form vun enger Kryptowährung. Déi bekanntsten sinn *Bitcoin*, *Ethereum* a *Litecoin*.

Dës Währungen ka jiddereen benotzen. Et luet een just déi néideg Software erof a kreéiert seng eegen "Wallet" (Wallet – Portmonnie). A schonns kann een Suen kréien a verschécken. Iwwert sougenannten "Exchanges" kann een och zum Beispill, Euro an Kryptowährungen émtauschen. Manipulatiounen si sou gutt wéi ausgeschloss well alles op der Blockchain Technolgie baséiert (<https://de.wikipedia.org/wiki/Blockchain>). Bezuelt gëtt dann am einfachsten iwwert QRCode oder och mat NFC.

Dass dat ganzt och gutt funktionéiert weist zum Beispill Prag. Eng Stad wou een a ganz villen Geschäfter ka mat Bitcoin bezuelen. Och zu Berlin fënnt een dat eent oder anert Geschäft wat Kryptowährungen unhélt. A wéi beim Euro, ginn et souguer passend Bancomaten. Alles komplett onofhängeg vun iergend enger Bank. Interessant ass et och fir méi kleng Butteler, well een beim bezuelen mat enger Kreditkaart bis zu 50% a méi vun der Marge un Visa oder Mastercard muss ofdrécken. Net esou bei Bitcoin, Ethereum a Co.

Mir géifen et begréissen wann dës Alternativen och hei am Land géifen Uklang fannen. Da kann een seng Mëtsch beim Bäcker villäicht och eemol mat Bitcoin bezuelen. Einfach, sécher a séier. Oh, wat waren dat nach Zäiten wou een huet missen mat Boergeld bezuelen...

Am Tacheles gi mer Persounen d'Méiglechkeet, sech zu engem Thema fräi ze äusseren. Dobäi gräift d'Redaktiouen net inholtlech an. D'Auteure sinn eleng fir hier Positioune responsabel.

ÄHNLECH SUJETEN [Bitcoin](#), [Cryptowährung](#), [Digital](#), [Tacheles](#)

Chaos Computer Club Lëtzebuerg

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg gëtt et säit 2008. E setzt sech fir den Datenschutz a fir eng transparent Regierung an.

